



14. 6386 - Proposition de modification du chapitre 9 du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés

6429 - Proposition de modification du chapitre 2 du Titre III «Des questions, des motions, des résolutions, des interpellations et des débats» du Règlement de la Chambre des Députés

Rapports de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), rapporteur.- Merci, Hâr President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reglementskommissioun proposéiert lech haut, zwou Ännerungen an eisem Reglement virzehuelen, zwou Ännerungen, déi op eng Initiativ vun der Presidentekonferenz eragereecht gi sinn, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn an elo hei zum Vote virleeën.

Déi éischt Ännerung, déi betrëfft am Fong d'Konte vum Médiateur. Mir hunn an eisem Reglement eng Prozedur festgeschriwwen, wéi d'Konte vun der Cour des Comptes kontrolléiert ginn. Dem Médiateur seng Konten hate bis elo nach keng Prozedur, wat d'Kontroll ubelaangt. A mir hunn dann elo einfach an der Prozedur vun der Cour des Comptes..., do ass de Médiateur bäigesat ginn, esou datt an Zukunft och d'Konte vum Médiateur elo genau laut därselwechter Prozedur kontrolléiert ginn, wéi dat bei der Cour des Comptes de Fall ass. Dat ass déi éischt Ännerung, déi am Artikel 158 virgeholl gëtt.

Déi zweet Ännerung, déi mer proposéieren, déi ass am Zesammenhang mat de Motiounen an de Resolutiounen. Do kommen zwou Ännerungen. Déi éischt ass, wat d'Recevabilitéit vun enger Motioun oder enger Resolutioun ubelaangt. Bis elo war et de President, deen iwwert d'Recevabilitéit decidéiert huet. An do ass am Prinzip näischt méi hannendrukkomm. Dat, wat de President do decidéiert huet, dat war esou decidéiert. Elo kënnt am Fong eng Phas hannendrun. Wann een d'Décioun vum President contestéiert, da gëtt se un d'Presidentekonferenz weidergereecht, déi da finalmente decidéiert, ob déi Motioun oder Resolutioun recevabel ass oder net.

Am Fall, wou se recevabel ass, gëtt se dann un d'Membere vun der Chamber hei verdeelt. An da kënnt eppes Neies derbäi: Duerno, wann de Renvoi gemaach gëtt, sief et un d'Chamber oder un d'Regierung oder un eng Kommissioun, wat d'Motiounen ubelaangt, oder un d'Chamber, un eng Kommissioun, wat d'Resolutiounen ubelaangt, da muss bannent engem Délai vun dräi Méint déi Motioun oder déi Resolutioun op den Ordre du jour vun enger Séance publique hei vun der Chamber gesat ginn.

Dir wësst, datt mer an der Vergaangenheet dacks Motiounen oder Resolutiounen hei gestëmmt hunn. Mir hu se iergendwéi transféréiert a si sinn ni méi an de Plenum, an d'Plénière zrëckkomm. Also, an Zukunft kann dat net méi de Fall sinn. Duerno, wa se recevabel erkläert gi sinn, muss se an engem Délai vun dräi Méint op den Ordre du jour vun enger öffentlecher Sitzung hei an der Chamber kommen.

Dat sinn déi zwou Propositionen, déi d'Reglementskommissioun eestëmmeg ugeholl huet an lech recommandéiert, se och hei unzuhelen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Hâr Gibéryen. Ech mengen, dat war alles méi wéi kloer. Da kënne mer...

D'Madame Brasseur. Jo, wann ech gelift.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Hâr President, ech wollt just awer eng Remarque maachen iwwert d'Prozedur, déi mer hei ageschloen hunn. Gëschter huet d'Reglementskommissioun dee Changement vum Reglement ugeholl. Mir hunn awer gläichzäiteg schonn als Budgets Kontrollkommissioun no deem neie Reglement missen d'Prozedur approvüieren. Mir maachen dat awer elo eréischt haut.

Ech fannen, dass mer do, wat d'Prozedur ubelaangt, vläicht net grad genee esou pingeleg sinn, wéi mer dat am Fong misste sinn. Et wier besser gewiescht, mir hätten d'Reglement éischter ugeholl an da wier d'Budgets Kontrollkommissioun dermat chargéiert ginn. Hei hu mer e bëssen e Raccourci geholl.

Ech wollt soen, dass d'Budgets Kontrollkommissioun awer e Rapport den Donneschdeg wäert virleeë mat enger Resolutioun, fir déi Konten och vum Médiateur ze approvüieren. Mä ech hätt mer wierklech gewënscht, wa mer hei ons Zäit ginn hätten, fir dat dans l'ordre ze maachen, an net hei dans le désordre. Dat huet awer selbstverständlech näischt och mam Rapporteur ze dinn, deen ons elo dee Changement vun dem Reglement virgedroen huet.

► **M. le Président.**- Hâr Rapporteur.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), rapporteur.- Merci, Hâr President. Ech mengen, dat wat d'Madame Brasseur do seet, dat ass richtig. Ech mengen, mir waren eis alleguer bewosst, datt dat am Fong schonn an der Praxis esou applizéiert ginn ass, ouni datt et an eisem Reglement stoung. An duerfir hu mer trotzdem gekuckt, datt mer et elo an d'Reglement kréien, ier et den Donneschdeg hei an der Chamber awer offiziell decidéiert gëtt.

► **M. le Président.**- Merci.

Da géife mer ofstëmmen, fir d'Éischt iwwert deen éischten Ännerungsvorschlag, nämlech den 6386.

Vote sur la proposition de modification 6386 du Règlement de la Chambre des Députés

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an d'Proposition ass ugeholl.

La proposition de modification 6386 est adoptée à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

Sommaire des séances publiques n°s 7, 8 et 9

Débat sur la politique européenne et étrangère p. 65-74

6320 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de libre-échange entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de Corée, d'autre part, signé à Bruxelles, le 6 octobre 2010

et 6321 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de Corée, d'autre part, signé à Bruxelles, le 10 mai 2010 p. 74

Motion de M. Félix Braz relative à une intervention auprès de la Fédération de Russie pour souligner l'attachement du Luxembourg au respect des obligations découlant de l'adhésion au Conseil de l'Europe et à l'OSCE et pour demander l'engagement de démarches en vue d'un renforcement de l'État de droit et de l'indépendance de la justice p. 75

Hommage à Mme Vera Spautz p. 75

Communications p. 75

Ordre du jour p. 75

Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Roland Schreiner p. 76

Changements de composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales p. 76

Heure d'actualité du groupe LSAP sur l'avenir de la société Cargolux et la stratégie gouvernementale en la matière p. 76-80

6393 - Projet de loi concernant les équipements sous pression transportables p. 80-81

6452 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État p. 81-87

6103 - Projet de loi portant modification des articles 351, 353 et 353-1 du Code pénal p. 87-98

Hommage à la mémoire de M. René Hengel, Député honoraire p. 99

Octroi du titre honorifique à un ancien Député p. 99

Communications p. 99-100

Ordre du jour p. 100

Dépôt d'une résolution par M. François Bausch p. 100

Ordre du jour (suite) p. 100

Résolution de M. François Bausch relative à l'instauration d'une commission d'enquête afin d'examiner les méthodes opératoires du Service de Renseignement depuis sa création p. 100

Heure de questions au Gouvernement

Question n°190 du 3 décembre 2012 de M. André Bauler relative à d'éventuelles pratiques de dumping social dans le secteur de la construction, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration p. 100-101

Question n°191 du 4 décembre 2012 de M. Claude Adam relative au fonctionnement de la Conférence nationale des élèves luxembourgeois (CNEL), adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle p. 101

Question n°192 du 3 décembre 2012 de M. Alexandre Krieps relative à la rééducation orthopédique postopératoire, adressée à M. le Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale p.101

Question n°193 du 3 décembre 2012 de Mme Anne Brasseur relative à la réaffectation de l'actuel bâtiment de la Bibliothèque nationale, adressée à Mme la Ministre de la Culture p. 101

Heure d'actualité du groupe déi gréng sur le projet de réforme de la Police p. 101-105

Dépôt d'une proposition de loi par Mme Anne Brasseur p. 105

6421 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire p. 105-107

6444B - Projet de loi portant modification de l'article 24, paragraphe (2) de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire p. 107

6448 - Projet de loi modifiant 1) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental; 2) la loi du 13 mai 2008 portant création d'une École préscolaire et primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive p. 107-109

6386 - Proposition de modification du chapitre 9 du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés

et 6429 - Proposition de modification du chapitre 2 du Titre III «Des questions, des motions, des résolutions, des interpellations et des débats» du Règlement de la Chambre des Députés

p. 110

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Da kéime mer elo nach zum zweeten Ännerungsvorschlag, d'Nummer 6429.

Vote sur la proposition de modification 6429 du Règlement de la Chambre des Députés

Och hei geet d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och dësen Ännerungsvorschlag ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Domadder wäre mer dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer nees um zwou Auer zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.04 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg